ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit (Artikel 84), bieden ech lech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Ausseminister weiderzeleeden.

Am Artikel "Buy more, vaccinate fast: why Malta beat Luxembourg" deen de 24. Mäerz um Zitt vun der "Luxembourg Times" veröffentlech gouf, war ze liesen, datt zu Malta, mat enger ähnlecher Gréisst vun der Populatioun wéi zu Lëtzebuerg (502.000 zu 613.000), bis lo 32 op 100 Leit d'Méiglechkeet kruten sech impfen ze loossen, par Rapport vun 11 op 100 zu Lëtzebuerg (EU-Duerchschnëtt 12 op 100). No den Informatioun vun der "Luxembourg Times" berout déi Diskrepanz zwëscht Lëtzebuerg a Malta ënner anerem dorop, well den Inselstaat zu Bréissel eng Rëtsch Dosen akaf hätt, déi vun anere Länner net ofgeruff gi wieren. Weider schreift d' "Luxembourg Times", datt Lëtzebuerg net vun der nämmlechter Méiglechkeet Gebrauch gemaach hätt, well no Ausso vum Gesondheetsministère net viraus ze gesi gewiescht wier, datt déi iwwreg bliwwen Dose méi séier géife geliwwert ginn, wéi déi, déi regulär bestallt goufen.

Am nämmlechte Kontext huet den Här Staatsminister d'Chamber wärend senger Ried vum 12. Mäerz 2021 doriwwer informéiert, datt an der 11. Kalennerwoch 2021 just 2.400 vun deenen accordéierte 5.030 Impfdose géife geliwwert goufen. An der 12. Kalennerwoch solle souguer just 1.500 vun deenen 12.221 accordéierten Impfdose vun Astra Zeneca geliwwert ginn.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un den Här Staatsminister, d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Ausseminister:

1) Wéivill Impfdosen huet d'EU bei wéi enge Fournisseure bestallt? Zu wéi enge Konditiounen a Modalitéiten?
2) Wéivill Impfdose waren duerfir fir Lëtzebuerg virgesinn? Vu wéi engem Fournisseur an zu wéi enge Konditiounen a Modalitéiten?
3) Wéi eng Schuedensersazusprécher ka Lëtzebuerg fir déi net geliwwerten Impfdose arfuerderen?
4) Huet Lëtzebuerg entremps déi néideg Schrëtt ënnerholl, fir zukünfteg och vun iwwreg bliwwenen Impfdosen ze profitéieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten